N°2267
Entrée le 02.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2267 vum 30. Abrëll 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Astellung vun den Aktivitéite vun der Sécherheetsfirma Protection Unit.**

1. *Kann d'Ministesch präzis erklären, wéi eng konkret Servicer Protection Unit am Kader vum Kontrakt mam CFL ofdeckt (Zich, Garen, strategesch Plazen, mobil Missiounen, etc.)?*

Wéi schonn an der virrëschter parlamentarescher Fro Nummer 1906 erwäänt, ginn d'Servicer vu Protection Unit haaptsächlech op de Garen, an den Zich, Parkingen CFL an Atelieren CFL prestéiert.

2. *Ginn et scho Reduktiounen oder Ausfäll an de Leeschtungen, déi d'Firma fir d'CFL prestéiert? Wa jo, wéini goufen dës observéiert a wéi goufen dës kompenséiert?*

Dës Leeschtunge ginn ausgefouert wéi am Kontrakt mat der CFL beschriwwen.

3. *Protection Unit hat de 4te Februar kommunizéiert, dass si schonn zënter Méint un engem Réckzuch aus dem Lëtzebuerger Maart schaffen. Kann d'Ministesch ausschléissen, dass d'Firma den CFL bewosst näischt iwwert déi wirtschaftlech Problemer matgedeelt huet an ass d'Déclaration d'Honneur deemno falsch?*

D'Attributioun vum Kontrakt war den 30. September 2024, 4 Méint bevir Protection Unit beim Geriicht hiren Antrag fir eng geriichtlech Reorganisatioun gestallt huet.

4. *Wéi gesäit de sougenannte Plang B konkret aus, falls Protection Unit seng Missiounen net méi erfëlle kann? Wat geschitt bei enger Faillite? Wéi garantéiert CFL, dass d'Sécherheet ouni Ënnerbriechung assuréiert bleift?*

Momentan ginn et keng Ausfäll vu Säite vu Protection Unit. Falls ubruecht, sinn déi néideg Schrëtt preparéiert fir séier reagéieren ze kënnen an en Appel d'offre d'urgence ze maachen.

5. *Wäerten d'Agenten vun Protection Unit direkt an eng CFL-Filial oder Deelstruktur integréiert ginn? Falls nee, firwat net?*

D'Gesetzeslag gesäit esou eng Méiglechkeet net vir.

Lëtzebuerg, den 30. Mee 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES